PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 18/10/2024

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Aussenugeleeënheeten & Ëmwelt, Klima an Biodiversitéit weiderzeleeden.

D'Entscheedung fir d'COP29 zu Baku an Aserbaidschan ofzehalen, ass eng, déi déif beréiert. Dëst gëtt als eng "COP vum Fridden" bezeechent, wärend d'Verhandlungen tëschent Armenien an Aserbaidschan zum Stëllstand komm sinn an armeenesch Gefaangener weiderhin onrechtméisseg vun Aserbaidschan festgehale ginn. Dës Situatioun ass besonnesch besuergneserreegend am Kontext vun den Ereegnisser vum September 2023, wou iwwer 100.000 Armenier aus Bergkarabach verdriwwe goufen.

Zousätzlech ass et wichteg ze bemierken, datt Membere vum Lëtzebuerger Parlament vu Baku op eng schwaarz Lëscht gesat goufen, als Reaktioun op hir Stëmm an der Parlamentarescher Versammlung vum Europarot (PACE). Dës Aktioun vun Aserbaidschan géint demokratesch gewielte Vertrieder ass en direkten Ugréff op eis parlamentaresch Fräiheeten a stellt eng zousätzlech Erausfuerderung fir eis diplomatesch Bezéiungen duer.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéi positionéiert sech d'Lëtzebuerger Regierung vis-à-vis vun der Entscheedung, d'COP29 zu Baku ofzehalen, am Hibléck op d'Situatioun vun den armeenesche Gefaangenen, dem Blockage vun de Friddensgespréicher, an elo och d'Blacklisting vu Lëtzebuerger Parlamentarier?

2. Wéi eng konkret diplomatesch Initiative plangt d'Regierung am Virfeld vun der COP29, fir d'Fräiloossung vun allen armeenesche Gefaangenen, d'Reprise vun de Verhandlungen tëschent Armenien an Aserbaidschan, an d'Ophiewe vun de Sanktioune géint eis Parlamentarier ze fuerderen?

3. Wéi gedenkt d'Regierung den Equiliber ze fannen tëschent eiser traditioneller Ënnerstëtzung fir Armenien, dem Schutz vun eise parlamentareschen Institutiounen, an eiser Verantwortung als Acteur an der internationaler Klimapolitik am Kader vun der COP29?

4. Plangt d'Regierung, dëst Thema op EU-Niveau unzeschwätzen, fir eng gemeinsam europäesch Positioun ze fanne bezüglech der Participatioun un der COP29 zu Baku am Kontext vun der

aktueller politescher Situatioun a speziell dem Blacklisting vun EU-Parlamentarier?

5. Wéi eng Konsequenze kéinten déi rezent Aktioune vun Aserbaidschan op eis bilateral Bezéiungen hunn, a wéi gedenkt d'Regierung dorop ze reagéieren, besonnesch am Hibléck op d'Participatioun un der COP29?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten